Projet Parrainage

AAH ënnerstëtzt d'Schoul «Le Reformiste» op der «Rivière Froide» an Haiti. Hier Grënner kommen aus dësem aarme Stadvéierel vu Port-au-Prince a wëlle sech virun allem ëm Kanner këmmeren déi soss keng Méiglechkeet hu fir eng Schoulausbildung ze kréien. Hier Eltere si net méi do, oder hu keng Méiglechkeet fir d'Schoulgeld ze bezuelen.
Aus dësem Grond siche mir hei zu Lëtzebuerg Pätteren a Giedelen, déi bereet sinn all Mount d'Schoulkäschte vun engem Kand während mindestens engem Joer ze iwwerhuelen.

D'Schoul op der Rivière Froide

D'Schoul «Le Reformiste» op der «Rivière Froide» gëtt vun engem Direkter geleet. Siwe Schoulmeeschtere betreie momentan 170 Schüler, déi op 7 Klassen opgedeelt sinn. Dës Klasse sinn dräi Spillschoulen, d'éischt an d'zweet Schouljoër, drëtt an d'véiert gemëscht an ee 5. Schouljoer. D'Kanner däerfen all Dag, Méindes bis Freides, vun 7:30 bis 12:30 Auer d'Schoulbänk drécken.

Well et sech mat eidelem Mo net gutt léiert, goufen 2 Kächen engagéiert déi de Kanner ab Juni 2006 eng Molzecht den Dag preparéieren.

AAH probéiert am Moment d'Schoul vum haitianeschem Stat unerkannt ze kréien, fir datt d'Kanner duerno ouni Problem weider studéiere kënnen. Mee dat ass leider an engem Land wéi Haiti net sou einfach a brauch e bësse Gedold.



De Finanzement vun der Schoul fir e Mount gesäit folgendermoossen aus:

3/5 vun eisem Budget fir de Finanzement vun der Schoul pro Mount (=22 Schouldeeg am Duerchschnëtt) gi mir fir Iessen an Drénken aus.
Do dran abegraff sinn 2 mol Fleesch, Räis, Fësch, Mëllech, Kéis, frësch Uebst a Geméis, Ueleg a Gewierzer. Et ass extrem wichteg, dass dës Kanner eppes Nahrhaftes an de Bauch kréien, well dat fir vill di eenzeg Molzecht am Dag ass.

D'Onkäschten déi reng d'Schoul betreffen (Loyer, Schoulgeld, Paien, Schoulmaterial, Ënnerhalt a Verschiddenes) maache pro Mount 2/5 vun de Gesamtausgaben aus.

Fir ee Kand pro Mount mécht dat:

Iessen an Drénken:	15 €
Schoulkäschten:	10 €
Total:	25 €

Hëlleft och Dir !

Fir **25 Euro de Mount** kënnt Dir engem Kand et erméigleche liesen a schreiwen ze léieren. Gidd engem Kand eng Chance fir e bessere Start an d'Liewen an eng besser Zukunft!

Wann Dir un eisem Projet «Parrainage» interesséiert sidd,

- schéckt de Coupon op der Récksäit vun dësem Dépliant op d'Adress vun eiser Vereenegung
- rufft um Telefon 33 55 36 (Theisen(un
- schéckt en Email op contact@aah.lu oder theisenr@pt.lu

COUPON: PROJET PARRAINAGE

Numm: _____

Virnumm: _____

Adress: _____

_____

Email: _____

Telefon: _____

Ech sinn drun interesséiert Pätter/Giedel vun engem Kand ze ginn

Datum: _____

Ennerschréft: _____

Eise Parrainage ass en **„anonyme Parrainage“,** d.h. Dir ennerstëtzt een oder méi Kanner aus eiser Schoul ouni de Numm ze wëssen.
Dëst huet 2 Ursaachen:

- mir sinn der Meenung dass et esou **méi gerecht fir all d’Kanner** ass
- e genaue „Suivi“ vun eenzelne Kanner ass **immens vill Aarbecht** a géif eise Kader, wou mir **benevol schaffe**, leider sprengen.

Mir hoffen op Ärt Versteesdemech.

Bemierkung:

Well mir nach keng „ONG“ sinn, kënnt Dir är Done leider net vun de Steieren ofsetzen.

All weider Informatioune kritt Dir zougeschéckt.

Action Avenir Haïti

CCPL IBAN LU81 1111 2342 0345 0000

Siège social
41a Montée Willy Goergen
L-7322 Steinsel

☎ **33 55 36**
email: **contact@aah.lu**
http://**www.aah.lu**

Stand: Dezember 2008

Action Avenir Haïti

Eng Zukunft fir d’Kanner…

Gitt PÄTTER oder GIEDEL

vun engem Schoulkand